ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den Tripartite-Verhandlungen Enn Mäerz gouf vun enger Gewerkschaft an och vum Konsumenteschutz ee Gel vu verschiddene reglementéierte Präisser, ënner anerem vun den Tariffer an Alters- a Fleegeheemer, gefuerdert. Dës Fuerderunge goufe vun der Regierung awer net opgegraff. Am Hibléck op déi exorbitant Inflatioun, déi am Ablack d'Liewe vun de sozial schwaache Leit an den Alters- a Fleegeheemer virun eng Zerräissprouf stellt, hunn déi Alters- a Fleegeheemer, deenen hir Investitiounen zum gréissten Deel vun der ëffentlecher Hand finanzéiert ginn, eng sozial Verantwortung wéi nach seele virdrun.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Ass d'Regierung der Meenung, datt am Hibléck op déi dramatesch inflationär Lag, an där sech eist Land befënnt, déi staatlech kofinanzéiert Alters- a Fleegeheemer keng Erhéijunge vun den Tariffer a Prestatiounen erhiewen dierfen, soulaang et keng entspriechend Erhéijunge vun de Rente gëtt?
2) Wann nee, wat fir Mesurë gedenkt d'Regierung ze huelen, fir deene Leit ze hëllefen, déi duerch d'Inflatioun net méi d'Méiglechkeet hunn, déi erhéicht Tariffer a Prestatiounen ze bezuelen an deenen hir Ënnerstëtzungsufro beim Fonds National de solidarité ofgeleent gouf?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten